

Milly an Nout!

Während engem Spadséiergang hat sech dat klengt Milly vu Schreck lassgerappt a war mat senger Flexilengt u sengem Geschier fortgelaf.

No enger laanger Nuecht mat vill Sichen oui eng Spuer vum Milly, hunn d'Propriétaires Sichhenn.lu kontaktéiert. Et war direkt kloer datt d'Asazteam vu Sichhenn.lu muss ausrécken.

Den Argos vum Tanja konnt schnell d'Spue ophuelen an huet d'Milly no enger Stonn an engem klenge Bësch fonnt, wou et sech mat der Flexilengt komplett am Gestrëpp verweckelt hat an net méi fortkoum!



Happy End fir d'Milly no sengem klengen Ausfluch!



+352 28 99 73 79



info@sichhenn.lu



www.sichhenn.lu



[@Sichhenn.lu](https://www.facebook.com/Sichhenn.lu)

Du wëlls eis ënnerstëtzen?

**IBAN LU34 0019 5155 7362 5000
BIC BCEELULL**

Villmools Merci fir dein Don!



You can run
but you can't hide

Wat maache wann den Hond fortgelaf ass?

Ganz wichteg: op der Plaz bleiwen, wou s du dein Hond fir d'läscht gesinn hues!

Wann e net weit vun doheem fortgelaf ass, eng Persoun bieden bei dir doheem ze waarden.

Wann e vun doheem fortgelaf ass, Gaardendier, Garage, etc oploossen an dem Hond d'Méiglechkeet ginn an de Gart oder an d'Haus ze kommen.

Net panikéieren, net kräiz a quier duerch d'Géigend lafen an och net ganz Suchmannschafte lassschécken!

Den Hond ass a Panik a leeft just nach weider fort wann e sech verfollegt fillt. Doduerch datt en a Panik ass, erkennt e meeschtens och net seng eege Leit, mee leeft fort virun allem wat en héiert.

Am Fall vun engem Asaz mat eise Sichhënn brauche mir vun dengem Hond eng Gerochsproof.

Wat sech do eegent, beschwätz du am bäschten direkt mat eis per Telefon! Hannerlooss e Message op eisem Repondeur a mir ruffen dech schnellstméigleg zeréck!

Tel.: +352 28 99 73 79

Eischt Moosnamen:

- Police kontaktéieren
- Fierschter kontaktéieren
- an den Déierenasyler nofroen
- bei Tasso, ID Chips, jee nodeem wou den Hond ugemellt ass, den Hond als vermësst mellen
- **Sichhënn.lu kontaktéiere fir weider Moosnamen ze beschwätzen**, wéi Schläpp, evt. Sichhënnasaz asw.



Facebook ass eng gutt Plattform fir eng Vermësstmeldung!

Mee et ass ganz wichteg dobäi ze schreiwen, datt d'Leit net gezilt doruechter siche lafe, mee just Sichtmeldunge mat genauen Angaben, wéi Uert an Zäit, weidergi sollen.

Wéini ass den Asaz vun engem Sichhond sënnvoll?

Wéi sächeren ech de Geroch vun mengem Hond fir den Eeschtfall?

Äntweren op dës Froe fënns du op eisem Internetsite:

www.sichhenn.lu

